

# Wat ass lass am Zirkus

## Bellibimbam?

- D'Direktere kënne fir all Szen aner Kanner sinn (mussen iewer net). Et erkennt een se ëmmer un hierem schwaarzen Zylinder.
- Et kann een eenzel Szenen ewegloossen (muss een iewer net).
- D'Szene kënnen och ausgetosch ginn (wann et da besser klappt).
- Déi eenzel Kanner kënne bei méi Optrëtter matmaachen (wa se wëllen).

### **Szen 1:**

*Zirkusmusek. Déi dräi Direkteren kommen an d'Manege (ee gëtt diem aneren de Mikro weider, wa mat Mikro geschafft gëtt).*

Direkter 1: Eraspadséiert, eraspadséiert, léift Publikum...

Direkter 3: ... léif Elteren a léif Bomien a Bopien.

Direkter 2: Kommt all mat eis an den Zirkus Bellibimbam.

Direkter 3: Am Zirkus Bellibimbam ass et nach méi schéin wéi am neien Tram!

Direkter 2: Léif Bridder a léif Schwësteren...

Direkter 1: .... eraspadséiert, eraspadséiert, kommt all bei eis eran!

→ *Virstellung vun alle Kanner: All Kand kënnt eenzel oder am Grupp op d'Bühn a weist eng Zirkusnummer. Dono geet d'Musik aus.*

### **Szen 2:**

*Déi dräi Direkteren kommen nees an d'Manege.*

Direkter 1: Mir hunn net zevill versprach...

Direkter 2: Am Zirkus Bellibimbam ass et nach méi schéin wéi am neien Tram.

Direkter 3: An elo, léift Publikum:

Direkter 1: ... elo spillt eisen Orchester lech eng Musek...

Direkter 2: ... an de ganzen Zirkus Bellibimbam séngt mat! Bravo!

Direkter 3: ..... Ech héiere näischt!

*Den Dirigent kënnt gelaf. En ass ausser sech!*

Dirigent: Oh mei, oh mei!

Déi dräi Direkteren: Wat ass dann net an der Rei?

Dirigent: Mir kënnen net spillen well déi déck Tromm geet net.

Direkter 1: Déi déck Tromm geet net?

*Ee Museker kënnt mat der décker Tromm. Hie schléit drop an et héiert ee (bal) näischt.*

Museker: Déi déck Tromm ass elo stomm!

Dirigent: Et héiert een se net.

Déi dräi Direkteren: A wat maache mir elo? Wat fir eng Blamage jo, jo!

*Si loossen de Kapp hänken.*

*Da kënnt ee klengt Meedchen oder ee klenge Jong eragelaf (cf. Tino).*

Klengt Meedchen oder klenge Jong: Ah, Petzi, do bass de jo, dech hunn ech scho laang gesicht.

*Dat klengt Meedchen oder die klenge Jong hält de Petzi aus der Tromm, an déi geet elo nees gutt haart. De Museker schléit fest drop. Bumm mécht et.*

Dirigent: Oh mei, oh mei!

Déi dräi Dirigenten: D'Tromm ass nees an der Rei!

Klengt Meedchen oder klenge Jong: A mäi Petzi ass nees hei!

**→ Den Orchester spillt op senge (selwer gebastelten?) Instrumenter (Play back), an de Chouer séngt wonnerschén.**

### Szen 3:

*Déi dräi Direkteren kommen nees an d 'Manege.*

Direkter 1: An elo léiwe Publikum halt lech ganz fest un.

Direkter 2: Well elo kommen eis Déiere geflunn!

Direkter 3: Iewer net nëmme geflunn!

Direkter 1: Och geridden.

Direkter 2: A gekroch.

Direkter 3: A gesprong.

Direkter 1: Dier Déieren hu mir vill am Zirkus Bellibimbam!

Direkter 2: An hei kommen se och schonn eragerannt.

.....

Direkter 3: Dajee Déieren, et ass un iech...

*Si waarden an näischt geschitt...*

Direkter 1: *rifft* Déiere, wou sidd dir?

Direkter 2: Ech mengen, se kommen net.

Direkter 3: A wat solle mir elo maachen?

Direkter 1: A wou sollen se nëmmen hi sinn?

*Den Dompteur kënnt era gelaf.*

Dompteur: Just een Abléck! Et dauert nach ee Moment!

Direkter 2: Dompteur, mir hu keng Zäit!

Dompteur: Just eng Minutt.

Direkter 3: Dompteur, wou sinn deng Déieren?

Dompteur: Se sinn .... eng Glace iessen. Hei kuckt do, elo si se erëm!

**→ D'Déiere kommen mat hirer Glace (oder ouni Glace) op d'Bühn a maachen mam Dompteur hier Show.**

## Szen 4:

*Déi dräi Direkteren kommen nees an d'Manege.*

Direkter 1: Boawww!!!

Direkter 2: Yo Mann!

Direkter 3: Voll krass! Bravo! Bravo! Bravo!

Direkter 1: Wat Saachen, wat Saachen!

Direkter 2: An elo gëtt et eppes fir ze laachen.

Direkter 3: Applaus fir eis Clownen.

*Déi dräi Clownen (oder méi) kommen eran, si hunn eng duerchsiichteg Plastikstut dobäi, a loossen de Kapp hänken. Si sinn traureg.*

Direkter 1: A wat ass da mat iech lass?

Direkter 2: Dir schneit ee Gesiicht, wéi wann een iech de Pudding geklaut hätt.

Clown 1: Net de Pudding!

Direkter 3: Wat dann?

Clown 2: Eis Nuese si foooooooooooooort.

Clown 3: Jo, eis rout Nuese si foooooooooooooooooooooort.

*Déi dräi Clowne kräische schrecklech.*

Direkter 1: Da siche mir se elo.

Direkter 2 & 3: Jo, da siche mir se elo!

*All sichen se iwwerall no de roude Nuesen (evtl. mat Musek)..... Da kënn dat klengt Meedchen oder die klenge Jong nees eran. Aus der Plastikstut hellt et/hien e Ball fir ze spillen, mee séier mierkt et/hien, datt et eng Nues ass. Hatt/Hien deet se op.*

Clown 1: Kuckt do!

Déi dräi Clownen: Do ass meng Nues! Se ass guer net foooooooooooooort!

→ *D'Clownen streide fir d'éischt ëm déi eng Nues, da fannen se nach anerer an der Plastikstut a maachen dono hier Clowne-Show.*

## **Szen 5:**

*Déi dräi Direkteren kommen nees an d'Manege.*

Direkter 1: An elo gëtt gedantz am Zirkus Bellibimbam

Direkter 2: Well wat wär een Zirkus ouni Danz.

Direkter 3: Ehemmm, een Zirkus an diem gedantz gëtt hunn ech nach ni gesinn!

Direkter 1: Ech ... och ... nach ... net!

Direkter 2: Dat gëtt et eben just am Zirkus Bellibimbam!

Direkter 3: Am Zirkus Bellibimbam gëtt elo gedantz!

Déi dräi Direkter: Bühn fräi fir eis Dänzer!

*Mee et geschitt näischt.*

Direkter 1: *erféiert* Ehemmmmmmm!

Direkter 2: *klenglaut* Do stëmmt eppes net!

Direkter 3: *onsécher* Bühn fräi.... fir eis Dänzer.....

*Ganz schei kënnt elo een Dänzer no diem aneren luussen ....*

Dänzer 1: Gudde Moien a Pardon...

Dänzer 2: Gudde Moien, mee mir kënnen net optrieden.

Direkter 1: Net optrieden?

Dänzer 3: Nee, mir kënnen net optrieden.

Direkter 2: A firwat kënnt dir dann net optrieden?

Dänzer 4: Well den Tino (oder een anere Numm) feelt.

Direkter 3: A wou ass dann den Tino?

Dänzer 5: Mir wëssen et net.

Dänzer 6: Mee wann hin net do ass kënne mir net optrieden.

Déi dräi Direkteren: Da siche mir den Tino!

All d'Dänzer: Jo, mir sichen den Tino.

*All maachen se sech op d'Sich (evtl. mat Musek) ..... Dat klengt Meedchen oder die klenge Jong sëtzt um Rand vun der Manege a liest ee Buch. Op eemol gesi se hatt/hien.*

Dänzer 1: Ah Tino, do bass du jo!!!!

Dänzer 2: Mir hunn iwwerall no dir gesicht.

Dänzer 3: Ouni dech kënne mir net optrieden.

Tino (klengt Meedchen oder klenge Jong): Ech hu just e bësse geliest. Wann ee liest, da gëtt ee gescheit.

Dänzer 4: Mee et kann een net danzen.

Tino: Ech sinn elo fäerdeg mam Buch. *Leet d'Buch op d'Säit* Elo kënne mir danzen.

→ *D'Dänzer maachen hieren Optrëtt.*

## **Szen 6:**

*Déi dräi Direkteren kommen nees an d'Manege.*

Direkter 1: Bellibimbam, Bellibimbam, mir sinn am Zirkus Bellibimbam.

Direkter 2: An eis Jongleuren kommen elo grad eran.

Direkter 3: Déi kënne Konschten, A Ram Sam Sam, A Ram Sam Sam!

Déi dräi Direkteren: Manage fräi fir eis Jongleuren!!!!

*Mee et kënnt keen...*

Direkter 1: Et hätt mech och gewonnert!

Direkter 2: Wann eng Kéier eppes géing klappen!

Direkter 3: Nëmmen eppes... just ... eppes ...!

Déi dräi Direkteren *esou haart se kënnen* : Wat ass hei lass?????

*Ganz opgereecht kënnst elo ee Jongleur no diem aneren....*

Jongleur 1: Eis Fichéë si fort.

Jongleur 2: Se sinn net méi do!

Jongleur 3: Wéi solle mir ouni Fichéë jongléieren.

Jongleur 4: Wou si se hin?

Jongleur 5 *an d'Direkteren* : Hutt dir eis Fichéë gesinn?

All d'Jongleuren *un de Publikum* : Hutt Dir eis Fichéë gesinn?????

*All maachen se sech op d'Sich (evtl. mat Musek) ..... Dat klengt Meedchen oder die klenge Jong kënnst mat enger Wäschmandel voll Fichéën eran.*

Tino: Sou, elo hunn ech déi emol all gewäsch. Déi waren esou knaschteg, dir kënnst iech et net virstellen.

→ *D'Jongleure maachen hieren Optrëtt.*

## Szen 7:

*No dem Optrëtt vun de Jongleuren bleift d'Bühn eidel (wéinstens 20 Sekonnen 😊).*

*Dono kommen no a no d'Kanner eran.... Si vermëssen hir Direkteren.*

Kand 1: Direkter wou bass du?

Kand 2: Direkteren???? Wou sidd dir?

Kand 3 *rifft haart* : Direkteren!!

Kand 4: Ouni Direktere kënnen mir kee Grande Finale maachen.

Kand 5: A wat ass den Zirkus Bellibimbam...

Kand 6: ... ouni Grande Finale.

All d'Kanner: Här Direkter, wou bass du?

Kand 7: A wat solle mir elo maachen?

Kand 8: A wat solle mir elo nëmme maachen?

Kand 9 *un d'Publikum* : Wësst Dir et net?

.....

Kand 10: Kommt, mir ginn Heem!

All d'Kanner: Kommt, mir ginn Heem!

*D'Kanner loossen de Kapp hänken. .... Elo kommen d'Direktere mam Tino eragelaf.*

Direkter 1: Halt! Stopp! Wou laaft dir hinn?

Direkter 2: Bleift hei!

Direkter 3: Mir maachen nach eist Grande Finale!

Tino *weist seng Kaarten* : Mir haten dach nëmme eng Partie Kaarte gemaach.  
An elo geet et lass:

All: Grande Finale am Zirkus Bellibimbam!!!

→ *All maachen se d'Grande Finale.*